# Positiounspabeier

**Fréier Aumônieren an Animateurs spirituels ënnerstëtzen d'Lëtzebuerger Guiden a Scouten**

2021

# Fréier Aumônieren an Animateurs spirituels ënnerstëtzen d’Lëtzebuerger Guiden a Scouten op hirem Wee

Vill Geeschtlech a Laien, Fraen a Männer, hu sech an der Vergaangenheet als Aumônieren an Animateurs spirituels bei de Lëtzebuerger Guiden a Scouten op lokalem a nationalem Plang engagéiert an do wichteg Erfarunge mat Jonke gemaach.

Si hu ganz konkret Jugendpastoral gemaach a sech mat Dévouement a Kompetenz investéiert, fir Jugendlech op hirem Wee zum Erwuessenen an zum Engagement ze begleeden.

Si hunn erlieft, datt et an deem Engagement ëmmer ëm en Austausch geet: jidderee gëtt eppes a jidderee kritt eppes, ee wiisst un deem aneren. Dat huet der Spiritualitéit a dem Chrëscht-si vun allen wichteg Impulser ginn. Matenee konnten si fir Pastoral a Liturgie nei an ugepasst Methoden a Forme fannen an entwéckelen.

D’LGS hunn sech zënter Jore méi opgemaach fir Kanner a Jugendlech vun alle Reliounen a Weltuschauungen. Dëst ass eng verständlech Optioun. Si wëllen an enger multikultureller a säkulariséierter Gesellschaft ville Jonken d’Méiglechkeet ginn, fir no der Methode vum Baden-Powell zu Perséinlechkeeten erunzewuessen. Dozou gehéiert och d’Bereetschaft an d’Fäegkeet, nei Erfarungen ze maachen, sech neien Erausfuerderungen ze stellen an dës mat aneren ze beschwätzen. Esou léiert de Jugendlechen sech op d‘Liewen ze besënnen, et a Sprooch ze bréngen, a Repèren ze fannen. Hie kann sech fir e perséinleche Liewensstil entscheeden an aus engem Geescht vun Oppenheet an Engagement eraus liewen. Dat heescht an anere Wierder: seng eege Spiritualitéit entwéckelen.

D'LGS ginn domadder konsequent hire Wee vun enger Spiritualitéit vun der Oppenheet. Si charakteriséiert sech doduerch, datt de Jonken

- en oppene Bléck fir seng Stäerkten an Schwächten huet a mat Freed u senger Entwécklung schafft,

- net nëmmen op sech bezu wëllt liewen, mee sech an den Déngscht vum Matmënsch an der Gemeinschaft stellt,
- e Sënn fir d'Schéinheet, d'Komplexitéit an d'Erausfuerderunge vun der Welt huet,
- oppen ass fir d'Onbegräifbarkeet vun der Welt, d'Geheimnishaftegkeet vum Mënsch an dofir datt d'Méiglechkeete vum Liewe méi grouss sinn, wéi déi siichtbar Wierklechkeet.

De Scoutismus insgesamt an och d'LGS hu chrëschtlech Wuerzelen, well d'Nächsteléift, wéi Jesus se gelieft huet, essentiell zum Scoutismus gehéiert. "Scouting is nothing less than applied Christianity" seet de Baden-Powell (Scouting & Christianity, 1917).

D'Equipe « d'animation spirituelle » entwéckelt déi fréier Konzepter vun spiritueller a reliéiser Animatioun vun den LGS weider. Si organiséiert fir all Cheftainen a Chef Formatiounsweekender zur perséinlech-spiritueller Entwécklung. Ziel ass dobäi ze léieren, déi perséinlech a spirituell Entwécklung vun de Kanner a Jugendlech fërderen ze kënnen.

Si proposéiert eng ganz Rei Aktivitéiten, fir dat perséinlecht, ethescht, spirituellt oder reliéist Wuessen vun Interesséierten ze fërderen. Dat sinn z.B. den Time out, Gespréichsronnen („Patt beim Pit“), d'Friddensliichtfeier, „Spiri for Kids“, Weekend religieux zu Orval, Montée vers Pâques, Pélérinagen, .....

D'Equipe forméiert a begleet d'Animateurs spirituels, déi op lokalem Plang an de Gruppe schaffen.

Mir, fréier Aumônieren an Animateur spirituels, sti weider trei zu eisen Engagementer a wëllen ausdrécklech de jëtzegen Verantwortlechen vun den LGS eis Ënnerstëtzung zousoen.

- Mir wëllen d'LGS op hirem Wee an op der Sich no adaptéierte Methoden ënnerstëtzen an zwar do wou eis Meenung an Hëllef op lokalem oder nationalem Plang gefrot gëtt. Dat geschitt och an engem Aarbechtsgrupp, dee reegelméisseg zesummekënnt.

- Mir ënnerstëtzen aktiv all Entwécklungen, déi eng gutt Bezéiung vun den LGS mat der Kathoulescher Kierch zu Lëtzebuerg an aneren reliéisen oder spirituelle Gemeinschafte förderen.
- Mir wëllen och reegelméisseg Kontakt hale mat de fréieren Aumônierën an Animateurs spirituels a geleeëntlech Treffen organiséieren fir den Dialog oprecht ze halen, Initiativen ze ergräifen an d'Engagement vun den LGS ze ënnerstëtzen.
- Mir wëlle Material zur Geschicht a speziell zur spiritueller Entwécklung vum Verband sammelen, analyséieren an zesumme mam Reflexiounsgrupp vun den LGS publizéieren.

(22.2.2021)

Signatairen:
Ditsch Joé
Faber Pit
Hamus Henri
Hubert Marc
Huberty Fernand
Kremer Romain
Molitor Martin
Péporté Théo
Weber Jean-Marie